

MATDEELUNG UN D'PRESSE

Eise Kampf fir d'Erhale vum Bobësch an d'Natura-Zone- 2000 tëschent Suessem a Käerjeng huet sech an enger éischer Etapp gelount, wéi aus engem Pressekommuniqué vun der Regierung no Entrevuen mat de Schäfferéit vu Käerjeng a Suessem ervirgeet.

Mer begréissen d'Alenken vun der Regierung, de Projet Contournement vu Käerjeng nach emol ze iwwerdenken a freeën eis, dass de Bobësch an d'Natura-Zone-2000 tëschent Suessem a Käerjeng elo, laut Regierungsausso, net méi direkt impaktéiert solle ginn. Domat erkennt d'Regierung eis Argumenter un, déi mer geriichtlech an aussergeriichtlech zënter Joren uféiren.

Mir hun awer nach keng Detailpläng an Etuden vum neie Projet gesinn a kënnen haut och nach net soen wéi z.Bsp. den Impakt op d'Naturzone Dréckswiss an déi aaner Wise laanscht de Bobësch an och op d'Awunner vu Suessem an op d'Verkéiserssituatioun zu Käerjeng an zu Suessem wäert sinn.

Mir wäerten den Dossier genau studéieren an eis am Detail domadden ausseranersetzen. Dat betrëfft och weiderhin d'Noutwendegkeet vun dem Strossebauprojet als Ganzt, och wann ee bedenkt, dass d'NOX-Wärter an der avenue du Luxembourg glécklecherweis säit Joeren ënnert dem Grenzwäert vun der WHO leien ($40\mu\text{m}^3$) (2022 – $25\mu\text{m}^3$), an déi versprochen Verkéisersberouijungsmoosnamen fir d'avenue de Luxembourg zu Käerjeng ëmmer nach net emgesat gi sinn.

Mir bleiwen weider um Ball !

#firdebesch #firdemensch #keecontournement